



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 11/04/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Ëffentlechen Déngscht & Finanzen weiderzeleeden.

An der Chamberssitzung vum 24te Februar 2022 gouf am Kader vun enger Motioun diskutéiert, wéi d'Steierverwaltung d'Reegelen an d'Prozedure betreffend den Andriewe vu Steiergelder exekutéiert (Recouvrement forcé). Mir gi regelméisseg Fäll vu Firmen a Persounen zougedroen, déi an engem Recouvrement forcé sinn. Wat opfällt, ass wéi d'Accord'en, déi mat der Steierverwaltung getraff gi sech vu Fall zu Fall ënnerscheeden. Oft ass eng Persoun oder Firma op de gudde Wëlle vum Steierbüro ugewise sinn, fir een Accord ze fannen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Finanzministesch erkläre wéi d'Steierverwaltung virgeet, fir ee Recouvrement forcé duerchzeféieren?
2. Wéi oft ass et 2020 an 2021 zu Andriewunge komm? Wéi verdeelt sech dës Unzuel un Zwangsandriewungen op déi eenzel Steierbüroen hei am Land?
3. A verschiddene Fäll stellt de Recouvrement forcé fir de Steierzueler eng Existenzkris duer, well op eng Kéier grouss Zomme Gelder mobiliséiert musse ginn. Dëst féiert a verschiddene Fäll zum Bankrott vun Organisatiounen a Privatpersounen.
 1. Wéi geet d'Steierverwaltung vir, fir de Leit eng Chance ze loosse, hier Steierscholden ze bezuelen, ouni si an de Bankrott ze drécken?
 2. Wéi eng Marge de Maneuvre huet de Steierbüro, fir de Leit an esou Situatiounen entgéint ze kommen?
4. Ech gouf vu Leit kontaktéiert, déi psychologesch wéinst Steierscholden net méi mat hirem Liewe weider wëssen. Situatiounsbedingt kënnen d'Steierscholden zu Existenzängscht a Suizidgedanke féieren. Wärend der Covid-Pandemie gouf mental Gesondheet vun eiser Gesellschaft oft vun de Regierungsparteien thematiséiert.
 1. Kréien d'Mënschen, déi a Steierscholde gereden, eng psychologesch Ënnerstëtzung wärend dem Recouvrement forcé ugebueden, fir d'Situatioun



www.piraten.lu

besser kënnen ze meeschteren? Falls nee, wäert d'Regierung dat an d'Weeër leeden?

2. Wéi eng Moossnamen ënnerhëlt d'Steierverwaltung, fir de Leit d'Existenzängscht am Zesummenhang mam Recouvrement forcé ze huelen?
5. Wéi vill Recouvrement-Dossiere goufen an de leschten 10 Joer clôturéiert, well de Steierzueler verscheet ass? Existéieren an deem Zesummenhang Lien'en mat Suiciden?
6. Här Minister, kritt d'Personal vun der Steierverwaltung, dat am Recouvrement forcé schafft, d'Méiglechkeet u psychologesche Coursen deelzehuelen, fir se mental op schwiereg Situatiounen anzustellen, déi an hirem Alldag kënnen optauchen? Existéiert fir d'Beamten och eng Ulafstell, un déi si sech bei mentale Problemer wende kënnen?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc

Député

